PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/04/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Verdeedegung weiderzeleeden.

Den Amerikanesche President huet dëse Mount bekannt ginn, dass d'Amerikanesch Truppen sech den 11. September 2021 aus dem Afghanistan géingen zréck zéien. Domat géing d'Militärinterventioun vum Amerikaneschem Militär no genau 20 Joer op een Enn goen. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°3505 huet de Minister erkläert, dass sech dee Moment, 29 Persoune vum Lëtzebuerger Militär op Auslandsmissioun befanne géifen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wäert de geplangte Réckzuch vun den USA aus Afghanistan Konsequenzen op d'Auslandsmissioune vun der Lëtzebuerger Arméi hunn? Wann jo wéi eng?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député